

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2020

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,

- datt déi héich Wunnungs- a Loyerspräisser eng vun den Haaptursaache sinn, déi d'Kafkraaft vu ville Bierger substantiell reduzéiert,

fuerdert d'Regierung op,

- eng reegelméisseg Upassung vum Loyerssubsid un d'Deierecht virzehuelen,
- d'Revenusgrenz aus dem Reglement iwwert d'staatlech Loyerskautioun (garantie locative) ëm 25 % no uewen ze revidéieren (z.B. 2,5 x de Mindestloun fir eng Eenzelpersoun),
- de Bëllegen Acte op der éischter Wunneng vun 20.000 op 50.000 € erop ze setzen (dat entsprécht engem Kafpräis vu +/- 800.000 €),
- d'Revenu-Grenzen, déi am Reglement z.B. fir d'Uschafungsprimm definéiert sinn, ëm 25 % ze héijen (z.B. +/- 2 x de Mindestloun amplaz vun 3.046 € fir eng Eenzelpersoun),
- den zoulässege Gesamtbetrag vun der TVA-Logement vun 3 % vu 50.000 op 100.000 € ze héijen,
- den TVA-Taux vu 17 % fir d'Zweetwunneng réckgängeg ze maachen an dësen nees op 3 % ze fixéieren,
- bei der Locatioun um fräie Marché d'Kommissioun fir eng eventuell Agence net eleng op de Keefer/Locataire ze iwwerdreien mee dës soll zur Hallschent vum Verkeefer/Proprietär bezuelt ginn,
- eng Staatsgarantie fir eng 100prozenteg Finanzéierung vun engem Haus anzeféieren - nieft dem Noweis vu reegelméissegem Erspuernesser oder engem Bauspuervertrag, wéi aktuell gereegelt, soll och d'Héicht vum reegelméisseg bezuelte Loyer fir d'Kreditwierdegkeet vum Keefer a Betrecht gezu ginn, fir datt hie ka fir eng Wunneng 100 % vum Kafpräis léinen,
- d'Zënssubventiounen beim Prêt hypothécaire vun 175.000 op 300.000 € eropzesetzen,

- d'Bau- a Kafprimm ze héijen: De Montant soll an Zukunft tëscht 1.000 an 12.500 € (aktuell: 250 bis 9.700 €) leien. Am Fall vun engem Appartement a Kopropriétéit oder engem Reienhaus soll dës Zomm ëm 40 % gehéicht ginn,
- d'Wunnengsbäihëllefen no uewen ze revidéieren an domat
 - eenheetlech Konditiounen fir all Wunnengsbäihëllefen (z.B. Bauprimm, Zënssubventioun, Spuerprimm) ze assuréieren,
 - Kompensatiounsausgabe bei Niddregzënsen ze garantéieren: De Staat soll dat, wat hie bei der Zënssubventioun an Zënssbonifikatioun (wéinst dem niddrege Leetzëns) aktuell spuert, an de Wunnengsbau- an Acquisitiounsfong iwwerweisen,
- de Verkaf vun enger Wunneng un d'ëffentlech Hand steierfräi ze maachen, wann dës fir erschwéngleche Wunraum virgesinn ass,
- Sanéierung vun alem Wunraum iwwert d'Klimabank ze geréieren.